N°978
Entrée le 09.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 10.07.2024
Chambre des Députés

adr

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2024

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Egalitéit an Diversitéit weiderzeleeden.

Den Nationale Fraerot (Conseil National des Femmes du Luxembourg, CNFL), deen 1975 gegrënnt gouf, ënnerhält eng enk kooperativ Bezéiung mat der Lëtzebuerger Regierung. Sou fungéiert e beispillsweis als berodend Organ vun der Regierung a ville Froen a bréngt d'Uleiessen a Perspektive vu Fraen an déi politesch Entscheedungsprozesser eran. Den CNFL gëtt der Regierung net nëmme säin Avis zu politesche Sujeten a Projeten, mee ass och oft a Kommissioune vertrueden, déi sech mat Geschlechterfroe befaassen.

Besonnesch dëse Punkt, nämlech déi eesäiteg Vertriedung vu Fraen a Gremien, déi sech mat Froe befaassen, déi **béid** Geschlechter betreffen, léisst et verwonnerlech erschéngen, datt et keen Nationale Männerrot hei am Land gëtt.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Minister fir Egalitéit an Diversitéit gär dës Froe stellen:

1) Wéi steet d'Madamm Minister zu Iwwerleeung, datt et eng Form vun "Sexismus" ass, datt et hei am Land, parallel zum Nationale Fraerot, keen Nationale Männerrot gëtt?
2) Misst net a Kommissiounen an Aarbechtsgruppen, déi sech mat Froe befaassen, déi **béid** Geschlechter betreffen, och de männleche Bevëlkerungsdeel adequat vertruede sinn?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten